N°1191
Entrée le 21.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°1191 vum 16. September 2024 vum éierewäerten Députéierten Här Sven Clement iwwert "Primes pour panneaux photovoltaïques"

1. Wéi vill Prozent vun den Dossieren, déi komplett sinn, kënnen antëscht an deene genannten 10 Méint traitéiert an duerch d'Ausbezuele vun den Aiden ofgeschloss ginn?

2. Wéi vill Prozent vun den Dossieren, déi komplett sinn, brauchen nach ëmmer méi wéi déi genannten 10 Méint, fir traitéiert an duerch d'Ausbezuele vun den Aiden ofgeschloss ze ginn?

3. Wéi vill Prozent vun den Dossieren, déi komplett sinn, brauche manner wéi déi genannten 10 Méint, fir traitéiert an duerch d'Ausbezuele vun den Aiden ofgeschloss ze ginn?

Allgemeng ass ze bemierken datt an de leschte Méint d'Zuel vun den Demandë fir e Subside fir eng Fotovoltaikanlag weider staark geklommen ass, wat zu engem gudden Deel op den attraktive Primme Regimm zréck ze féieren ass.

Dowéinst läit de generellen Delai fir Dossieren en vue enger Subventioun fir d'Installatioun vun enger PV-Anlag de Moment nach ongefeier bei 10 Méint. D'Dossiere ginn engem « ordre chronologique » no traitéiert an ausbezuelt. Dëst heescht datt fir déi Dossieren bei deenen alles an der Rei ass, déi also komplett sinn an de Konditiounen entspriechen, dëse genannten Delai agehal ka ginn. Bei all Dossier, fir deen eng zousätzlech Informatioun muss ugefrot ginn, kann dësen Delai net respektéiert ginn.

Beispillsweis feelen zu dësem Zäitpunkt nach bei ronn 14% vun den Dossieren déi eng éischte Kéier traitéiert gi sinn zousätzlech Informatiounen fir dës ofzeschléissen.

Doriwwer eraus ass ze bemierken datt, esou wéi am Koalitiounsaccord virgesinn, d'Virfinanzéierung vun de Klimasubsiden wäert agefouert ginn, fir datt d'Bierger nëmmen hiren Deel bezuele mussen. An deem Kontext wäert d'Regierung och dofir suergen, datt déi betraffe Betriber bannent kuerzer Zäit déi virgesinne staatlech Subside kréien. Et ass geplangt, esou ee Virfinanzéierungsmechanismus an enger éischter Etapp fir Fotovoltaikinstallatiounen anzeféieren.

4. Konnt d'Ëmweltverwaltung déi 10 weider Posten "à durée déterminée", déi se zougesprach kritt hat, antëscht all besetzen?

D'Ëmweltverwaltung konnt déi 10 Posten alleguerten besetzen.

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit